N° 4572
Reçue le 29.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.06.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weider ze leeden.

D'lescht Joer goufen et scho virum Confinement ganz grouss Waardezäite fir e Rendezvous an der Mammographie ze kréien. Duerch d'Pandemie an duerch d'Zréckfuere vun de medezinesche Basisservicer sinn dës Waardezäiten nach verlängert ginn.

Obwuel d'Madamm Minister schonn am Februar 2020 eng Rei Mesuren ugekënnegt hat an am September nach emol drop higewisen huet datt fir Enn 2020/ Ufank 2021 weider Verbesserungen an d'Weeër geleet ginn duerch Formatioune fir Sekretärinne vu Klinicke resp. eng Demande d'Agrément vun engem Radiolog am CHdN, sinn eisen Informatiounen no d'Waardezäite fir e Rendezvous an der Mammographie ausserhalb vum „Programme Mammographie" weiderhin immens laang. Et ka wuel bis zu engem Joer zougoen éier een e Rendezvous kritt. Dëse Probleem besteet an alle Spideeler am Land.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister stellen:

1. Kann d'Madamm Minister dës Informatioune bestätegen ?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn fir dës weider grouss Waardezäiten ?
3. Hunn déi ugekënnegt Mesuren net déi gewënschten Effekter oder konnten se nach net ëmgesat ginn ?
4. Wat gedenkt d'Madamm Minister ze ënnerhuele fir datt all déi concernéiert Frae kuerzfristeg méi séier e Rendezvous kréien ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

| Martine Hansen | Marc Spautz | Georges Mischo |
|---|---|---|
| Deputéiert | Deputéierten | Deputéierten |

N° 4572
Reçue le 05.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 4 août 2021

**Réf. :** 839xa43fe

**Concerne**: Question parlementaire n° 4572 du 29 juin 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4572 du 29 juin 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz concernant le « Temps d'attente pour un rendez-vous en mammographie ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4572 du 29 juin 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz concernant le « Temps d'attente pour un rendez-vous en mammographie ».**

*Kann d'Madamm Minister dës Informatioune bestätegen ?*

Laut den Informatiounen vun den Responsabelen vun den concernéierte Servicer, beleeft d'Waardezäit fir ee Rendezvous bei der Mammographie sech op folgend Délais:

| | CHdN | HRS | CHL | CHEM |
|---|---|---|---|---|
| Mammographie effectuée dans le cadre du dépistage organisé | 3 à 4 mois | 1,5 mois | 1 semaine à 2 mois | 1 semaine à 2 mois |
| Mammographie effectuée hors programme (imagerie de dépistage individuel) | 1,5 à 2 mois | 2 mois | 2 à 12 mois | 2 à 12 mois |

Et ass wichteg dorun ze erënneren dass d'Services d'imagerie médicale bei urgenten Fäll, op Ufro vum behandelndem Dokter, de betraffenen Patientinnen innerhalb vun enger Woche e Rendezvous fixéieren.

*Wa jo, wat sinn d'Grënn fir dës weider grouss Waardezäiten ?*

Engersäits sinn d 'Waardezäite un d' Disponibilitéit vun den médecins spécialistes en Radiologie an vun den assistants techniques médicaux en radiologie (ATM) gebonnen déi momentan duerch de Mangel u Personal limitéiert sinn.

Et kënnt ausserdem ëmmer méi oft zu engem dépistage individuel (ausserhalb vum programme de dépistage organisé), associéiert mat enger échographie mammaire. Dëst verlängert natierlech dann och den Délai vun der prise en charge vun der Patientin.

An der Alterstranche vun Fraen, déi éligibel sinn fir den programme du dépistage organisé (50 bis 69 Joer), kann een säit 2014 feststellen, dass d'Unzuel vun Mammograhien, déi ausserhalb vum Programm stattfannen, konstant an d'Luut gaangen ass. Bei der Cohorte 2018-2020 beleeft sech dësen Undeel vun Mammographien op 27%.

*Hunn déi ugekënnegt Mesuren net déi gewënschten Effekter oder konnten se nach net ëmgesat ginn ?*

Et besteet haut nach net den néidegen Recul, fir kennen ze évaluéieren, ob déi agesaaten Moossnamen den gewënschten Impakt konnten hunn. Sou konnt zum Beispill den Agrément vun engem Radiologue am CHdN, deen dëst Joer stattfonnt huet, nach keen Effekt op d' Waardezäiten fir d' Mammographie hunn, well d 'Unzuel vun den agrééierten ATM onverännert bliwwen ass.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*Wat gedenkt d'Madamm Minister ze ënnerhuele fir datt all déi concernéiert Frae kuerzfristeg méi séier e Rendezvous kréien ?*

Et sief virop bemierkt, dass déi intern Organisatioun vun den Servicer imagerie médicale net dem Gesondheetsministère ënnerläit. Doriwwer eraus sinn den Gesondheetsministère an d'Direction de la santé weiderhin beméit, den Akzent op eng bescht méiglech Utilisatioun vun den Moyen's déi virleien an op d'Moossung wéi och op en Suivi vun den Délai'en, ze setzen.

An deem Kontext sief rappeléiert, dass den Conseil scientifique du domaine de la santé folgendes recommandéiert : « *Dans le cadre de risque « standard » de cancer du sein, il n'y a pas eu lieu de réaliser un dépistage par imagerie en dehors de la tranche d'âge de 50-69 ans. Une double lecture avec 2 lecteurs indépendants accroît la sensibilité du dépistage du cancer du sein et diminue le taux de rappel* [1] ».

Doriwwer eraus geet ënner anerem aus dem Audit[2] vun 2018 ervir, dass d'Prozesser an all den Etablissementer enger nationaler Organisatioun ënnerleeën sollen, mat engem systemateschen Suivi vun den Délaien, déi zu enger Démarche zur Verbesserung vun der Qualitéit bäidréit. Dës Organisatioun gëtt vum Comité de Gestion interhospitalière ënnerstëtzt. Dësen Comité ass e.a. en charge vum système d'assurance qualité vun den prestations hospitalières sou wéi vun der nationaler Coordinatioun vun der politique de promotion de la qualité des prestations hospitalières an den Spideeler. D' Aarbechten vum Comité de Gestion interhospitalière, déi duerch die aktuell crise sanitaire ënnerbrach goufen, wäerten am Hierscht erëm weider gefouert ginn.

Zu dësem Zäitpunkt wier et, opgrond vun der limitéierter Disponibilitéit u Personal, nett ubruecht, d'Unzuel un Centres d'imagerie mammaire ze erhéijen ouni virdrun eng analyse d'impact vum Fonctionnement vun den aktuellen Servicer gemaach ze hunn.

[1] https://conseil-scientifique.public.lu/dam-assets/publications/oncologie/referentiel-depistage-cancer-sein-en-fonction-du-risque.pdf

[2] http://sante.public.lu/fr/publications/r/roadmap-sein-audit-cancer-2012-2015-rapport/roadmap-sein-audit-cancer-2012-2015-rapport.pdf